Léif Elteren,

Ech wënschen Eech an Äere Kanner eng ganz relax Vakanz. Fir déi, déi ganz fréi akafen wëllen, hei well virof d'Lëscht vun dene Saachen, déi d'Kanner d'nächst Schouljoër brauchen:

- 1 Schoulsak, am beschten ouni Reeder (grouss genuch fir en DIN A4 Classeur)
- 1 Schachtel
- 1 Spëtzer mat Behälter
- 2 verschidde Linealer: 1x30cm, 1x50cm
- 1 Gummi
- 2 Bläistëfter HB2
- 1 Minnebläistëft (porte-mine 0,7mm)
- 1 Füllfeder mat Cartouchen
- 1 Tintenkiller
- kleng wäiss Etiketten (an eventuell eng Tipp-Ex-Maus)
- 1 Set dënn Stëfter fir d'Iwwerschrëften ze schreiwen (Stabilo 0,4mm)
- 2 Geodräiecker: 1x14cm an 1x22cm mat Grëff
- 1 Zirkel (mat Riedchen fir anzestellen)
- 1 Bicherstänner
- 1 Bastelschéier
- 1 Prittstëft
- 1 Schachtel mat Tuschfaarwen
- 1 Schachtel mat Holzfaarwen
- 1 Garnitur Waasserfaarwen, mat 1 Fatz, 3 platt Borstenpinselen (1 dovun **ganz déck**) an 3 normal Pinselen (dënn, mëttel, déck), 1 Schiertich, 1 Waasserdëppchen an 1 Schungkëscht fir alles dran ze maachen
- 1 Block mat Classeursbleeder Din A4
- 1 farde à élastique
- 5 DinA4 Hefter (Clairefontaine) à **80 pages/40sheets mat Rand**: 2x rout, 2x blo, 1x gring
- 5 dënn Classeuren (Réck 2cm) (rout, blo, gring, mauve, geel)
- 1 décke Classeur (rout) (Réck 8cm),
- 1 décke Classeur (Réck 8cm), Faarf = egal mat 50 Prospekthüllen (Chemisen)
- 1 groë Classeur (Réck 4-5cm) (fir all d'Neewefächer)
- 2 Schnellhefter (gro, blo)
- min. 10 Oftrennungen fir an de Classeur (intercalaires)
- 1 Brouillon aus recycléiertem Papeier



(Gummi, Tintenkiller, Pritt a.s.w. schon am Beschten op Reserve kafen)

Der braucht **keng Schreiwënnerlag, Bicher oder Journal** ze kafen. Wichtig as awer, datt Der **während dem Joër** heiansdo d'Material vun Äerem Kand **nokuckt** a fehlend Saachen nokaft.

Gitt Äerem Kand d'Étiquetten (mat: Numm, Virnumm, 4.1.B) **fir op d'Bicher an op d'Hefter** einfach mat an d'Schoul, mer pëchen se dann zesummen op. D' Initiale vun Äerem Kand sollen awer op **allen anere Schoulsaachen a Bic'en** stoen. D'Bicher sollten gläich am Ufank **agebonnen** gin.

D'Schwammsachen bestin aus Schwammkap, Schwammbox/Maillot, Buedduch, Seef.

D' Turn- a Schwammsaachen sollen d'Kanner all Kéier mat heem hoelen, fir se ze wäschen.
D' Turnschlappen däerfen **keng schwarz Suelen** hun.

D'Schoul fänkt rëm en Donneschdig, **den 15. September 2022** un. (Bei Froen: paul.hermes@education.lu)

Eng Eltereversammlung mat Informatiounen iwwert de Fonctionnement vum Cycle 4 halen mer **den 15. September um 18.30 (fr.) an um 19.00 (lëtz.).**

Ech wënschen Eech an Äere Kanner elo nach puer schéi Wochen bei guddem Weeder.

Mat häerzliche Gréiss

Paul Hermes